Äntwert vum Här Aussen- an Europaminister, op d'parlamentaresch Ufro 4904 vum 25. August 2021 vum honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser

1. Säit 2015 hunn eng ronn 450 Leit mat afghanescher Nationalitéit een internationalen Schutz hei zu Lëtzebuerg unerkannt kritt. Ech verweisen fir den Detail iwwert d'Unerkennungen op de järleche Bilan iwwer d'Migratioun an den Asyl esou wéi op déi monatlech Kommunikatiounen am Beräich Asyl vum Ausseministère an deenen dës Zuelen ze fanne sinn.

   Laut den Zuelen um Internetsite vum Statec hunn op den 1. Januar 2021 gekuckt 674 Persounen mat afghanescher Nationalitéit hei am Land gewunnt.

2. De Moment sinn nach 185 Leit mat afghanescher Nationalitéit an enger Asylprozedur, dëst entweder um Niveau vum Ministère oder um Niveau vum Verwaltungsgeriicht.

3. D'Zuel vun den Leit, deenen een internationalen Schutz definitiv, dat heescht an leschter Instanz, refuséiert gouf, leit ënnert 10. Vun deenen Leit hunn awer och verschiddener een Openthaltsrecht als Familljemember. Am Allgemengen baséieren sech d'Autorisatioune fir eng Openthalts- an Aarbechtserlabnis op dem ofgeännerten Immigratiounsgesetz vun 2008.

4. Eng ronn 200 Leit mat afghanescher Nationalitéit sinn an deenen leschten Joren am Kontext vun der Familljenzesummeféierung op Lëtzebuerg komm. Bei den Demanden, déi de Moment nach virleien kann een nach net soen, wéi vill Leit d'Konditiounen erfëllen an duerno och op Lëtzebuerg kommen.